

SYN ER GIE

Abrëll 2019 / n°51

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Réidener Kanton



Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"

Für Bessrfresser

A mengem Onlineshop **dogma.pet** hu Dir en lwwerbléck vun alle Produkter, déi ech op Häerz a Nire getest, an deementspriecheent validéiert hunn. Mäi Sortiment fir Hënn a Kazen steet fir héichwäerteg Qualitéit. Ech mache keng Kompromisser, wann et ëm d'Gesondheet vu mengen Déiere geet.

Op RDV gëtt de Buttek zu Brattert opgemaach. Do kann dat neit Geschir och ugemooss ginn. Selbstverständlech stinn ech lech och mat Rot an Dot zur Säit fir dat richteg Fudder fir äre Mupp oder är Kaz ze wielen.


Géint Oppräiss ass och eng Liwwerung méiglech am Raum Grousbous, Mäerzeg, Miersch, Ettelbréck, Sëll, Räichel, Réiden oder Rammerech.

DOGMA Aurélie's Pet Store

7, rue de Rindschleiden • L-8816 Brattert
T 621 31 62 63 • info@dogma.pet

Onlineshop
www.dogma.pet

Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées. Renvoyez le coupon de participation avant le 30 mai 2019 par courrier. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi la bonne réponse reçue et seront avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition de juillet.



- TROCKENFUTTER
- TRAININGSWÜRSTE
- NAHRUNGSERGÄNZUNG
- SCHLAFPLÄTZE
- KAUARTIKEL
- LIEFERUNG
- GESCHIRR
- LEINEN
- MÄNTEL
- ANPROBE
- KATZE
- HUND



MOT MYSTÈRE COUPON-RÉPONSE

		S			U			E	
--	--	---	--	--	---	--	--	---	--

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité

Email

Tél.

SYNERGIE

p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich

RESULTAT VUM MOT MYSTÈRE AUS DEM SYNERGIE 50

Reckinger Alphonse
Nagem
gewënnt

**7 Stand-Alone Dampmelder
+ Installatioun**



ice
INTER CONCEPT ELECTRO
WELTER MICHEL

SOMMAIRE

IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,
illustration, mise en page
& suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements
& réservations
T +352 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute
reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est
strictement interdite sans
autorisation écrite au
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
juillet 2019

Clôture annonce
mi-juin 2019

Tirage
11.666 exemplaires

Magazine régional d'information
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.
en collaboration avec le Syndicat
Intercommunal du Réidener
Kanton et le Groupe d'Action
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le
développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.

2 **GROSSE FEIER ZUM
ZEHNJÄHRIGEN
BESTEHEN DES
ATERT-LYCÉE**

4 **PÉITCHE LAUER**



6 **WANDPARK
KANTON RÉIDEN
TABLE RONDE DU
11 FÉVRIER 2019**

8 **D'KOOPERATIV
VUN DER ATERT**

12 **RÉSERVEZ DÈS
MAINTENANT
VOTRE ESPACE
AU RECUP3 ÉCO
VILLAGE BECKERICH**

14 **RÉIDENER SCHWÄMM
ENDLECH ASS ET
ESOU WÄIT**



16 **FIERKELSMAART
ZU RAMMERICH**

18 **#MERTZIG4ALL //
#GEMEINWOHL //
#GWÖ // #LEADER**

20 **MÉI WÉI E STAARKE
MESSAGE: 1.000.000 BEKI
AN ÈMLAF BRUECHT!**

22 **MAM VÈLO AM
WÈLLE WESTEN**

24 **CLOOS & KRAUS
GUTT ÉQUIPÉIERT
AN D'FRÉJOER ERAN!**



26 **MAISON DE L'EAU
NATUR AM DUERF**

32 **CUBE 521**



34 **AGENDA**



GROSSE FEIER ZUM ZEHNJÄHRIGEN BESTEHEN DES ATERT-LYCÉE

Am 18. Januar feierte die Schulgemeinschaft in Anwesenheit von 300 Gästen sein zehnjähriges Bestehen mit einer feierlichen Séance académique. Direktor Claude Boever hatte die Ehre neben Lehrkräften, Mitarbeitern, Eltern und Schülern auch Premierminister Xavier Bettel sowie die Minister Claude Meisch, Marc Hansen und Claude Turmes zu begrüßen.

In seiner Begrüßungsansprache hob Direktor Boever das innovative pädagogische Konzept des ALR sowie die intensive Zusammenarbeit zwischen den Lehrkräften hervor. Zudem unterstrich er, dass seit der Eröffnung des ALR am 16. September 2008 der offene und direkte Austausch zwischen Lehrkräften und Schülern bzw. zwischen Lehrkräften und Eltern ein Grundpfeiler des Erfolges darstellt.

Auch die ehemaligen Schüler des ALR kamen während der Séance académique zu Wort, dies in einem Zusammenschritt aus Filmbotschaften aus aller Welt. Die von den ehemaligen Schülern des ALR eingesendeten Filme waren im Vorfeld vom ALR-Studio zusammengesetzt worden.

Die musikalische Untermalung des Abends erfolgte durch das Arthur Possing Quartet. Mit stimmungsvollem Jazz unterhielt die vierköpfige Band das Publikum. Arthur Possing war selbst von 2008 bis 2012 Schüler des ALR.

Die Ehrengäste durften anschließend den Geburtstagskuchen in Gestalt des ALR-Maskottchens „Bompel“ anschneiden.

Zum Ende der Veranstaltung sprach Direktor Claude Boever einen besonderen Dank an Laura Steinmetz für die Gestaltung des Bompel in Porzellan sowie Anne Meyer, Carole Matgen, Carole Modert und Alain Adams für die intensive Arbeit am Buch „ALR-Retrospektiv“ aus. Auch würdigte er den Einsatz von Nicole Plier bei der Organisation der Séance académique und des CulinALRia-Teams um Luc Gansen, Liana Kang, Mireille Origer und Tammy Jacoby, die zusammen mit einer Schülergruppe alle Häppchen, die nach der Feier gereicht wurden, hergestellt hatten. Ein Dank ging an die Fotografen Dimitar Dinev und Christophe Mersch sowie die Schüler der Klasse 3GPS welche die Bedienung der Gäste nach der Feier sicher stellten.



Einige Eckdaten des Atert-Lycée Redange

Im Atert-Lycée (inklusive Internat) arbeiten aktuell 145 Lehrkräfte, 22 Erzieher, Psychologen und Sozialarbeiter sowie 34 Fachkräfte in der Verwaltung und im technischen Dienst.

Die Schulleitung setzt sich aus 5 Personen zusammen:

- **Claude Boever**, Direktor seit Januar 2004
- **Jean-Marie Majerus**, beigeordneter Direktor seit Januar 2015
- **Jeff Kohnen**, beigeordneter Direktor seit Oktober 2015
- **Yann Schneider**, Attaché à la Direction seit September 2011
- **Alexis Schloesser**, Attaché à la Direction seit September 2015

Aktuell besuchen 1.260 Schülerinnen & Schüler das Atert-Lycée.

Schulisches Angebot

Enseignement secondaire classique

- cycle inférieur: 16 classes
- cycle supérieur (séctions B, C, D et G): 7 classes

Enseignement secondaire général

- cycle inférieur: 18 classes
- cycle supérieur, régime technique (sections IG, CM et PS): 10 classes
- cycle supérieur, régime du technicien (sections EQ et CM): 6 classes

Voie de préparation

- 6 classes avec une classe CIP et intégration des élèves de la classe de cohabitation

10 Jahre Atert-Lycée: ein Rückblick

23. November 2003

Das Gesetz zum Bau einer Sekundarschule in Redingen wird verabschiedet. 43 Klassenräume, 18 Spezialräume, 6 Atelierräume, Schulrestaurant, eine Cafeteria, Bibliothek, Festsaal, Sporthalle, Schwimmbad, Sportplatz und ein Internat sind geplant.

1. April 2004

Claude Boever wird als Direktor des Lyzeums in Redingen ernannt.

13. April 2005

Grundsteinlegung.

2006

Der Name Atert-Lycée und das offizielle Logo der Schule werden festgelegt.

16. September 2008

Mit 360 Schülern und 45 Lehrkräften beginnt im Atert-Lycée der erste Schultag.

28. März 2012

Eine Gesetzesänderung ermöglicht dem ALR auch die „classes supérieures“ im ESC anzubieten.

September 2014

Im Rahmen eines pädagogischen Pilotprojektes funktionieren ab dem Schuljahr 2014/15 alle Klassen des ESC und des ESG im Semesterrhythmus.

September 2017

Ein zusätzlicher Gebäudeflügel mit 10 Klassenräumen und 5 Spezialräumen für die Naturwissenschaften wird eröffnet. Im Erdgeschoss befinden sich die Räumlichkeiten der regionalen Musikschule.



Atert Lycée Réiden
1, rue du Lycée
L-8508 Redange/Attert
T +352 26 62 32-100
secretariat@alr.lu
www.alr.lu

PÉITCHE LAUER

Eng nei Iwwernuechtungsstruktur an der Region



©Administration communale d'Useldange

Geschwënn ass et esou wäit: Am Mee mécht de Pétche Lauer seng Dieren zu Useldeng op!

Wien sech hautdesdaags op den Useldenger Stroossen beweegt, gesäit an héiert, wéi haart an engagéiert bei der Atert geschafft gëtt. De Chantier vum Pétche Lauer geet an den Endspurt an et gi fläisseg déi lescht Moosnamen an Decisioune getraff.

Duerch seng exzeptionell a spannend Architektur, war d'Beherbungsstruktur Pétche Lauer schonn dës Éfteren an de Lëtzebuergesche Medien. Besonnesch déi 3 „MushRooms“ sinn ee Bléckfang an zéien d'Opmierksamkeet op sech! Insgesamt 12 Schlofkummere kënnen ab Mee 2019 reservéiert ginn.

Dëse Projet vum Syndicat intercommunal „Réidener Kanton“ an der Gemeng Useldeng wëll Touristen aus dem ganze Land, an iwwert d'lëtzebuergesch Grenzen eraus, an eis schéi Region zéien.

Ee Konzept, dat an d'Regioun passt

Déi sëllech touristesch Projeten, déi an eiser Regioun lafen an entstinn, wëllen de „Slow Tourism“, also den nohaltegen, uechtsamen Tourismus, férdere!

D'Konzept vum Pétche Lauer passt perfekt an dës Tourismus-Philosophie. Beim Bau ass regionaalt Holz verschafft ginn an d'essen wäert mat regionale Produiten zoubereet ginn. Dem Ecolabel, dee vun ufanks un ugestriift ginn ass, steet näischt am Wee!

De Numm „Pétche Lauer“ huet seng Wuerzelen och an eiser Regioun, a bezitt sech op d'Gedicht „Un der Atert“ vum Jean-Pierre Welter.

Zesumme mat regionalen Acteure gëtt am Ariichtungskonzept dofir gesuergt, dat de Gaascht vum Pétche Lauer eis ganz Regioun entdecke kann. Duerch eng liebevoll a charmant Ariichtung, gëtt eng ganz besonnesch gemittlech Atmosphère kreéiert, déi zum Entspanen an Duerchotmen aluede wäert.

Rou an Entspannung fir jiddereen

Eis Regioun zitt mat sengem gudde Vëloswee-Netz, de gutt ënnerhalene Vëlospisten an enger super Beschëlderung, Vëlofuerer aus allen Ecken un.

De Pétche Lauer huet sech ënner anerem dëser Zilgrupp ugeholl a kritt am Abrëll de Bed&Bike Label iwwerreicht.

Mee net nëmmen d'Vëlofuerer kommen op hier Käschten; och de Spadséiergänger, Naturliebhaber a kulturinteresséierte Gaascht, kann sech am Pétche Lauer vu sengem Alldagsstress erhuelen, a sech am TouristInfo Atert-Wark, dee just knapps 50 Meter niewendru sëtzt, iwwert méiglech Aktivitéite berode loossen.

Dir kënnt Iech also freeën, op dës ganz besonnesch Iwwernuechtungsméiglechkeet, an där Dir Iech erhuelen a kulinarisch verwinne losse kënnt!



info@peitchelauer.lu
www.peitchelauer.lu

f /peitchelauer



WANDPARK KANTON RÉIDEN

TABLE RONDE DU 11 FÉVRIER 2019

Une réunion de présentation de l'avancement du projet et des premiers résultats des études a eu lieu le 11 février 2019 à l'Atert Lycée. Elle a fait suite à la pétition signée par 735 habitants de la Commune de Redange.

Chaque signataire a été invité personnellement par courrier et tous les habitants de la Commune étaient les bienvenus (invitation dans la revue „Kropemann“ du mois de février 2019).



Objectifs de la soirée

Répondre à toutes les questions: aucun sujet n'était „tabou“
Permettre au Bourgmestre de Redange d'évaluer l'avis de sa population et de comprendre où se situaient les difficultés rencontrées par les signataires.

Quel était le niveau de participation?

Environ 80 personnes (non-signataires et signataires de la pétition)

Des inquiétudes pour la préservation du paysage et de la nature

Mais aussi une réelle attente de voir des éoliennes dans le Canton afin de participer à la protection du climat et à l'autonomie énergétique du Canton.



Photomontage 03 : Lannen, Heidchen




Agrandissement



Projet éolien Wandpark Reidener Kanton - Variante 1		Données de localisation de la prise de vue 03	
Coordonnées LUNEP	X: 9224 Y: 4420	Carte de localisation	
Altitude	338 m		
Distance de l'édifice du projet le plus proche	2585 m		
Angle de crête	2°		
(par rapport au nord géographique)	140°		
Champ de vision (horizontale)	140°		
Données techniques			
Type d'éolienne	Environ E110	Autheur d'étude: Decathlon	
Hauteur H80 des ailerons	148 m		
Diamètre du rotor	112 m		
Batage de jour	Aucun		
Batage de nuit	Pau usage fixe (nocturne)		
Date de prise de vue	3 août 2019		

Avec le parc éolien



Quelles sont les principaux résultats des études?

Concernant la protection de la nature et du paysage

La richesse faunistique et paysagère de la région a été confirmée.

Les experts sont d'avis que l'intégration des éoliennes sera harmonieuse et en accord avec les lignes directrices du plan directeur paysage.

Les photomontages depuis les localités de la Commune ont permis d'illustrer ces conclusions.

L'éolienne n°6 planifiée au nord-ouest de Ospern serait trop proche d'un nid de Cigogne noire et d'un nid de Milan. **Le Syndicat du Canton de Redange et la SOLER ont décidé de retirer cette éolienne du projet.**

Pour les autres sites, des mesures écologiques (voir Synergie n°50 de février 2019), dans la région pourraient permettre d'éviter tout impact négatif pour la faune et la flore. Elles seront à approuver par les experts et le Ministère de l'Environnement.



Concernant la protection de l'environnement humain

Les éoliennes prévues respecteront le niveau sonore et la durée d'ombrage des limites réglementaires (voir Synergie de février 2019).



Concernant la protection du climat

Les 5 éoliennes restant dans le projet devraient produire environ 36 Mio kWh/an, ce qui correspond à la consommation d'environ 8.000 ménages.

Avec ces éoliennes, le Canton atteindra une production d'électricité renouvelable équivalant à 85% de sa consommation.

En soutenant le projet d'éolienne, le Canton de Redange est en parfaite ligne avec sa politique de protection du climat.

Les prochaines étapes du projet et de la procédure d'autorisation

Durant les prochains mois, en accord avec les administrations compétentes, les études seront finalisées. Ensuite pourront être introduites les demandes d'autorisation.

En automne 2019, durant la procédure Commodo/Incommodo, **toutes les études et les détails du projet seront accessibles à la population** auprès des administrations communales où se trouvent des éoliennes.

Le projet se veut transparent et citoyen!

Avant cette période de consultation publique (Commodo/Incommodo), **tous les habitants du Canton de Redange seront invités à une dernière présentation** où tous les détails de la version finale du projet seront expliqués et où chacun pourra poser ses questions ou faire part de ses remarques.

Le Syndicat du Canton de Redange dispose de 40% du Capital social du projet.

Les 40% seront intégralement disponibles pour les Communes et leurs habitants après environ un an de fonctionnement des éoliennes, c'est-à-dire début 2022.

Pourquoi si tard? Après cette durée, **les résultats de production et de rendement du parc éolien seront présentés** en toute transparence afin que chacun puisse décider s'il souhaite ou non investir dans cet actionnariat.



Pintobohnen

100g

0,49 €

31 RA 1815440

B*O

Linsen braun

100g

0,49 €

1809208 1821529

B*O

Kidney

100g

0,49 €

1809208 1821529

B*O



D'KOOPERATIV VUN DER ATERT

Mir hunn eis et zum Zil gesat, fir an eiser Regioun un eng gesond Liewensmëttelautonomie erunzekommen. Dat geet andeems mir de Krees vun engagierten a bewosste Konsumenten sou grouss wéi méiglech kréien. Dat geet wa mir eis Kafkraaft bündelen!

Wa mir als Konsumente beweisen, dat mir bereet si Verantwortung z'iwwerhuelen, da geet de Bauer an oder de Liewensmëttelproduzent och mat op de Wee a kann dem Weltmarkt esou de Réck dréinen a sech eise Wënsch upassen! Dëse Wandel bréngt mat sech, dat mir

- > **an eiser Regioun fairen an transparenten Handel fërderen**
- > **Aarbechtsplaze schafen, resp. erhalen**
- > **no eise Kritäre bei eis Liewensmëttel produziéiere loosse kënnen**
- > **dem Zil vum Zero Waste an Zero CO₂ Emissiounen méi no kommen**

Zanter der Grënnung am Abrëll 2016 huet d'Kooperativ Vun der Atert déi gesammelt Suen iwwert Parte sënnvoll agesat, an duerch d'Énergie vu ville Benevole sinn eng Partie Projeten ëmgesat an ugestouss ginn:

2017

- > Start Testphase Projet Gaart-à-vous
- > Acquisitioun semi-professionell Vizerei
- > Accord Leader Projet Solidaresch Landwirtschaft

2018

- > Offizielle Start Projet Gaart-à-vous mam solidareschen Uebst-a Geméisguerf
- > Astelle vun engem Geméisgärtner
- > Start Vizerei Vun der Atert
- > Depot vum Dossier Mobilt Schluechthaus um Ministère
- > Emsetzung vum ausgeschafte Konzept Solidaresch Landwirtschaft (Leader-Projet) : Solidaresch Abobox Fleesch vun der Atert
- > Astelle vun enger administrativer Hëllef
- > Accord Leader Projet Conserverie Vun der Atert zesumme mat Op der Schock Réiden



- > Accord Partenariat mat der Gemeng Viichten fir Leader Projet „Gemeinschaftsraum fir Hobbyimker“
- > Start Aarbechtsgrupp „Epicerie / Ressourcerie“ Zero Waste Vun der Atert
- > Accord Verhandlungen Terrainen um Nojemerhaff / Mddi / ANF fir Projet
- > Geméisbau „Cantinen“ an eiser Regioun
- > Neie Member bei solidaresch Landwirtschaft Lëtzebuerg www.solawi.lu
- > Neie Member bei Gringgo www.gringgo.lu

2019

Prioritéiten/Objektiver:

- > Ubau Geméis fir déi éischt Clientë Cantine Vun der Atert um Nojemerhaff
- > Ëmsetzung Epicerie/Ressourcerie Zero Waste Vun der Atert
- > Opbau fix Vizerei / Veraarbechtungsraum fir Liewensmëttel
- > Drock Dossier Mobilt Schluechthaus
- > Lancement éischt Produkter Conserverie Vun der Atert mat Op der Schock
- > Eis Clientèle Fleesch Vun der Atert verduebelen
- > Demande Biolabel op eisen Terrainen
- > Investoren fannen, nei Kooperateuren



Vun der Atert on Tour

Mir freeën eis besonnesch iwwert déi vill Demanden déi mir kruten, fir op diversen Evenementer mat engem Stand derbäi ze sinn. Fir 2019 si mir hei unzetreffen:

- > 7.4 Fierkelsmaart Rammerich
- > 6 + 7.4 Bauerenhaff an der Stad
- > 21 + 22.4 Ouschteren am Dall
- > 1.5 Habscht um alternative Maart
- > 8 + 9.6 Koll an Aktioun
- > 17.8 Kollafestival

Conserverie Vun der Atert

D'Kooperativ Vun der Atert huet et sech och zum Zil gesat, fir d'Netzwerk an der Region ze stäerken, an eis Projeten esou ze gestalten, dat sou vill wéi méiglech Acteure matabezu ginn, déi schonn am Réidener Kanton aktiv sinn. Een dervun ass Op der Schock. An hirem Atelier Protégé zu Réiden produzéiere Mënsche mat enger geeschteger Behënnerung Käerzen, Keramik an Dekoratiounsobjeten, pestizidfräi Blummen aus der Gäertnerie, an awer och „Nos Délices“, eng Selektioun u Plat'en am Amaachglas ewéi z.B. Ierzebulli, Bouneschlupp, Vol au Vent, Bolognaisezooss, Emincé de Boeuf a Lësenzopp. Geleeën a Gebeess, Siropen an Ueleger, Esseg, Tapenades & Pestos stinn och op der Lëscht. An hirem Kiche ginn des Leckereien hiergestallt!

Eis gemeinsam Zil ass et dat d'Kooperativ Vun der Atert an Zukunft d'Matière Première produzéiert, an direkt aus dem Gaart an d'Kiche liwwert vun ODS. Zesumme bréngt mir dann eng Gamme eraus, vun eis gezillt, vun ODS weiderveraarbecht an zesumme verkaaft! Eis Produite Vun der Atert made by Op der Schock ginn zu 100% Zero Waste - 100% regional - 100% natierlech! Am Summer starte mir eis Gamme an enger klenger Oplag, an taaschten eis esou un äre Goût erun!

Épicerie Vun der Atert

30 Benevollen, verspreecht aus dem ganze Réidener Kanton, sinn am Aarbechtsgrupp Epicerie Vun der Atert engagéiert. Opgedeelt an diversen Themegruppe gi vun hinne sämtlech Donnéeën zesummegesicht fir d'Épicerie/Ressourcerie schätzeg a logesch ëmzesetzen.

Den 9. Februar hate mir op eiser Facebooksät folgend Ëmfro gestart:

„jo oder nee zu enger Epicerie/Ressourcerie zu Biekerech, mat gréisstendeels regionale Produiten, ouni Verpackungen, mat Mini-Restauratioun, Zero waste Workshops & Biobakstiffchen, fair trade, transparent & solidairesch?“ Am Ganzen hunn 385 Leit matgestëmmt. D'Resultat: 97% dofir an 3% dergéint! Dat huet eis natierlech motivéiert fir Gas ze ginn. Natierlech ass dësse Projet mat engem grouse Käschtenopwand & Logistik verbonnen. Aktuell gëtt äifreg um Businessplang geschafft. Plaz ass op alle Fall schon dofir fonnt ginn, e Coup de Coeur souzeso: de Projet RECUP3, wou zu Biekerech bei der Sportshal, an der Gewerbezone, aus ale Schëffscontainer en Ökovillage entstoe soll. Mir hu scho mol Plaz reservéiert fir eis Epicerie a fir eis Vizerei...

Vizerei Vun der Atert oder Gemeinschaftsraum fir nohalteg Liewensmëttelproduktioun

Mir sinn eis bewosst, dat mir fir 2019 nit esou vill Jus presse wäerten ewéi déi lëscht Saison! Wat waren Äppel, Biren & Quidden do - e Genoss... De Viz war apaart gutt ginn! Dankbar ware mir och, dat d'Gemeng Biekerech eis eng Garage zur Verfügung gestallt hat, wou mir gratis ënner Daach koumen. Op dëser Plaz dem Schaffen- a Gemengerot vu Biekerech nach emol e grouse Merci gesot. Geplangt ass fir eis Vizerei um Site RECUP3 a Container z'installéieren. Well mir awer nëmme während 2 Méint do aktiv sinn, awer 12 Méint Loyer ze bezuelen hunn, koom d'Iddi op, fir d'Raimlechkeeten esou ze gestalten, dat een do an den hygieneschen Norme kann aner Liewensmëttel weiderverschaffen - ideal also dësse Raum ze deelen a punktuell ze verlounen! Wat a wien kéim do a Fro?



„Regionale Raum fir Hobbybeenziichter“

D'Gemeng Viichten zesumme mam Partner Vun der Atert haten den 13. Mäerz déi éischt Informatiounsversammlung, déi gutt besicht war! Deemno steet näischt am Wee fir gemeinsam e neie Leader Dossier anzereeche mat Titel „Regionale Raum fir Beizenziichter“. Hei si Beieberoder, déi den Interessenten hëllef fir selwer Beien ze halen. De Gedanke war fir deen Zweck e gemeinsame Raum ze gestalte wou geschleiert, agefëllt a gelagert ka ginn.

„Regionale Raum fir nohaltig Liewensmëttelveraarbechtung“

D'Iddi koum op fir dëse Raum ze verloune fir zum Beispill Workshops z'organisieren: fir ze kachen, ze baken, anzekachen, fir sämtlech Produit ronderëm Zero Waste Lifestyle ze produzieren ewéi Seefen, Shampoing, Zännseef, Deo, Wäschpulver, En géif sech awer och eegene fir wa Privatleit hir eege Liewensmëttel a grouse Quantitéite wëllen akachen!


Fleesch Vun der Atert D'solidaresch Fleeschbox aus dem Réidener Kanton

Aktuell proposéiert d'Kooperativ Vun der Atert 3 verschidde Fleeschboxen, déi een am Virfeld reservéieren a bezuele muss. Gemeinschaftlech als Konsumente maache mir deemno eng „Sammelcommande“ bei de Baueren, an deelen d'Fleesch ënnert eis op. Dofir ass och nit ëmmer dat selwecht an engem Colis dran. Et ass eis wichteg, dat d'Béischt komplett verschafft gétt, an och ouni Stress hei opwuesse kann, ouni „gepushed“ ze ginn virum Schluechten. Dofir hu mir och nëmme 4x am Joer eng Distributioun. D'Bestellung kann een dann op Réiden an d'Metzlerie Mathieu siche goen. D'Fleesch ass fäerdeg verschnidde, étiquetéiert a verpaakt fir 2 oder 4 Persounen (sous-vide), prett fir ze konsumieren oder fir an d'Tru.

E Pilotprojet a permanter Entwécklung zesumme mam Konsument

Fleesch Vun der Atert Déi nächst Distributiounen: 8. Juni + 21. September + 7. Dezember

Réservéiert elo schon är Colisen iwwert d'Joer! Eisen Dépliant, d'Reservatioun an och eis Chartre fannt Dir op eisem Site www.vunderatert.lu



BIO BBQ Vun der Atert

Abobox 5 kg
Bio 88 €
Marque Nationale 80 €

2/5 Rand & 3/5 Schwäin

- 4 marinéiert Kotletten
- 4 marinéiert Rumsteak
- 4 Grillspeck
- 6 Bifanaschnitzel
- 6 Grillwurst
- 6 Grillmetti
- 6 Hamburger pur Rand

Abobox 10 kg
Bio 172 €
Marque Nationale 156 €

2/5 Rand & 3/5 Schwäin

- 2 x 4 marinéiert Kotletten
- 2 x 4 marinéiert Rumsteak
- 2 x 4 Grillspeck
- 2 x 6 Bifanaschnitzel
- 2 x 6 Grillwurst
- 2 x 6 Grillmetti
- 2 x 6 Hamburger pur Rand

Réservatiounen bis den **2. Mee**
fir d'Distribution den **8. Juni**
Réservatiounen bis den **19. August**
fir d'Distribution den **21. September**

Réservatioun via Mail
vunderatert@gmail.com

Info

www.vunderatert.lu



VUN DER ATERT S.C.

Vun der Atert s.c.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Biekerech
T +352.671.23.62.43
vunderatert@gmail.com
www.vunderatert.lu





Réservez dès maintenant votre espace au RECUP3 éco village Beckerich

RECUP3 Eco Village Beckerich est un projet „pop-up“ qui transforme un terrain inactif dans la zone d'activité en espace créatif, communautaire et collaboratif en installant des conteneurs récupérés. Ils seront transformés aux besoins, p.ex. avec accès eau, électricité & chauffage, isolation écologique, et seront modulables et upgradables selon leurs multiples fonctions.

Le but c'est d'y créer un lieu communautaire, de rencontre et d'échange avec p.ex. un food & beverage kiosk, party barn, épicerie & ressourcerie „zero waste“, ateliers d'art et de l'artisanat, espace sport et bien-être, bureaux, dortoir, gîte écologique ...

Vous cherchez de la place pour démarrer votre activité?

Réservez dès maintenant votre conteneur!

Vous désirez investir dans des projets de l'économie circulaire?

Prenez dès maintenant contact avec nous!

La Commune de Beckerich

Depuis les années 2000, l'objectif est poursuivi de devenir une commune autonome en énergie propre et de tenir un rôle pionnier dans la protection du climat! La localité de Beckerich est pourvue en chauffage vert à plus de 80%, assuré par une centrale à biomasse et par une chaudière à copeaux de bois. De nombreux panneaux photovoltaïques ont été mis en copropriété! En 2015 la Commune de Beckerich a obtenu l'European Energy Award Gold.


Le nombre croissant de jeunes ménages qui viennent s'installer ainsi que les nombreux groupes venant chaque année visiter et découvrir Beckerich, sont autant de preuves que les efforts ont porté leurs fruits.

La commune de Beckerich est à la frontière belge, à 5 minutes d'Arlon, 30 minutes d'Ettelbruck, de Bastogne et de la ville de Luxembourg, près des grands axes routiers E411, E25, E421 ou encore la N22.

Recup3
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich
info@recup3.lu
T 671 23 62 43
www.recup3.lu



Fonds européens agricoles pour le développement rural
L'Europe investit dans les zones rurales



RÉIDENER SCHWÄMM ENDLECH ASS ET ESOU WÄIT



verwinnen. Cocktails, Zaloten awer natierlech och lecker Fritte ginn net nëmme vun eise Schwëmmer gäre giess, mee och aus dem Atert-Lycée kommen eis Jonk gären. Lues a lues gëtt weider renovéiert, esou dass mer hoffen no der Entrée am September, Iech eis Schwämm an engem kompletten néie Look ze presentéieren.

Mee elo ass et un deene Jonken!

3.1 Milliounen hunn mer an ee mega Rutschtuerm investéiert. 2 Rutschen: eng Mega Familljenrutsch – eng Course zu 2 géint Zäit mat klengen Iwwerraschungen ënnerwee, an eng Rennrutsch – déi schnellst an der Groussregioun.

Dësen Investment muss een awer och am Kader vun den Efforte vum Réidener Kanton am Tourismussektor gesinn. Eng weider Offer un eis Touristen. Ob bei Reen, Stuerm oder Sonn, eng weider Méiglechkeet fir sech ze amüséieren.

Den 18. Mee ass et dann esou wäit – kommt se testen! – wien ass dee schnellsten, wien kritt déi meeschte Punkten? Daagesgewënner oder Wochengewënner – Need for Speed zu Réiden. An fir dësen Event och anstänneg ze feiere kascht d'Entrée wärend 2 Wochen och just 2 €. An eis kleng Gästchen kommen och ob hier Käschten- een neie Kannerberäich am Jungel-Look, mat neie Spiller an engem neie Chill-Eck fir d'Elteren.

Dir wäert net schlecht staune bei ärem nächste Besuch an der Réidener Schwämm!



Mat sportleche Gréiss
Patrick Wampach
President



Wéi Enn den 90er Joren sech 9 Gemengen aus dem Kanton Réiden zesumme gedoen hunn an de „Syndicat Intercommunal Réidener Schwämm“ gegrënnt hunn, war den Ufank vun enger grousser Success Story geschriwwen. Endlech haten all Schoulkanner aus dem Kanton Schoulschwammen um Programm. Aus der aler Schwämm vun der Réidener Gemeng, gouf lues a lues eng richtig flott Familljenschwämm. An der Moyenne ginn all Joer 110.000 Visiteure Joer duerch eis Keesen, a mat de Schoulkanner kommen nach eng Kéier 1.150 Kanner d'Woch dobäi.

Mee d'Zäit bleift net stoen. Fir och an Zukunft attraktiv ze bléiwen, gëtt a gouf investéiert. 2017 sinn an de Saunaberäich insgesamt 900.000 € gestach ginn – an ee relaxe Wellnesstempel ass geschaaft ginn. Eng richtig Pärrel, déi vu villen treie Visiteure geschat gëtt. 2018 gong et dunn richtig lass mam Relooking vun der ganzer Schwämm. Eise Bistro ass komplett erneiert ginn, an eis léift a kompetent Personal kann elo an engem flotten Ëmfeld de Client



Réidener Schwämm
28, rue de la Piscine
L-8508 Redange/Attert
T 23 62 00 32-1
info@reidener-schwemm.lu
www.reidener-schwemm.lu





Start 18. Mee



Magic Twice
Face 2 Face wettrutschen

Turbo Speed
65 km/h!
Schnellste Rutschbahn
aus der Groussregioun!



#challenge
@Réidener Schwämm
Feier déi 2 nei Rutschen

2 € Entrée Piscine vum 18. Mee bis den 1. Juni 2019



Fierkelsmaart zu Rammerich virum Gemengenhaus



Fierkels Maart

07. Abrëll
RAMMERICH
10:00-18:00

Kanneraktivitéiten





- Kannerparcours mat Spilltrakteren
- Kanneratelier
Kanner bauen eng Holzbank
- Keelebunn wéi fréier.
- Face-Painting



Musik



- Yannchen Hoffmann
& Carlo Hartmann Show
Dréiuergel
- Schaukelmusik
mam Klimperhari
- La Ronde Beetebuerg
Danzgrupp
- Foulscchter Strépp



Fierkel um Spiess

AM CENTRE CULTUREL ZU RAMMERICH

mat musikalischer Animatioun
Nathalie & Jos

Umellen: 23 64 02 97 // 23 64 02 95
amicale.p.u.b@internet.lu




Klapp den Nol an

Inwerbléck vun eise Stänn

Yessen & Gedrenks

- Fréijoersblummen
- Schofskéis
- Wäin vun der Musel
- Dréppen
- Kamellestand
- Holz-Haisercher
- Keramik-Schwäin
- Nohaltegen Dünger
- Brocante
- Seef
- Fësch
- Gebeess
- Poschen
- Biller
- Bicher
- Naturparkprodukter
- Zaloten aus der Regioun
- Eeër aus der Regioun
- Allmégleches aus Holz
(*Holzaarbichten*)
- Sauerdeeg Brout
(*aus dem Holzuewen*)
- Konscht & Handwerksstänn
(*Schaler, Bijouen, Mutzen...*)
- Ouschtereë
(*vun de Kanner gemoolt*)
- Metzler
- Hunnegpunsch, Likören
- Infostänn
- frësch Fleschtéik
- Schockela

Gromperekichelcher
Kniddelen
Ënnenzopp
Paangischer
Kaffi
Béier wie Fréier
Schampes
Eisekuchen
Wäffelcher um Feier
Fritten
Hamburger
Gegrilltes



Hau den Lukas

YESSEN & GEDRENKS | PRODUKTER AUS DER REGIOUN
TOMBOLA MAT 40 CADEAUVEN | 10:00 AUER 40 JOER MASS
LIEWEG DÉIEREN FIR ZE KUCKEN AN ZE HEEMELN



40
JOER
GEMENG
RAMMERICH

#MERTZIG4ALL // #GEMEINWOHL // #GWÖ // #LEADER



Save the date!

De Christian Felber, Matiniator vun der Gemeinwohloökonomie-Bewegung, ass en Dënschdeg, **4. Juni 2019** zu Mäerzeg am Centre Turelbaach de „Guest-Star“ vum Optakteenement.

Méi Infos:
www.mertzig.lu



Administration
communale
de Mertzig
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu

Nodeems de Mäerzeger Gemengerot den 1. Februar 2019 gring Luucht ginn huet fir de Projet „mertzig4all“, hunn de Gregor Waltersdorfer an de Mike Poiré am LEADER-Grupp Atert-Wark den 4. Februar 2019 weider Erklärungen ginn, mam Zil ee favorablen Avis ze kréien op Basis vun der Projektbewertungsmatrix vum LEADER. De Projet gouf favorabel aviséiert. D'Gemeng Mäerzeg seet dem LEADER-Grupp villmools Merci fir d'Vertrauen an den Appui!

Mir presentéieren iech hei am SYNERGIE déi wichtegst Extraiten aus dem „Projektsteckbrief“:

Ausgangssituation

Mertzig ist eine dynamische Gemeinde mit starkem Bevölkerungswachstum und politisch frischem Wind. Der Bürgermeister und der Schöffenrat erklärten nach ihrem Antritt die nachhaltige Entwicklung zu „eng Gemeng fir jiddereen“ als eine Priorität. Dazu wollen sie auf Bürgerbeteiligung setzen. Somit dient die Gemeinde Mertzig dem Gemeinwohl und fördert den Zusammenhalt.

Die Gemeinwohloökonomie ist eine internationale Bewegung, die ein neues Wirtschaftsmodell lebt. In der Gemeinwohloökonomie wird Erfolg neu bestimmt. Ein Erfolg ist, wenn ein wirtschaftlicher Akteur (Unternehmen, Gebietskörperschaft) seinen Beitrag zum Gemeinwohl in einem Betrachtungszeitraum erhöht. Der Nachweis zum Gemeinwohlbeitrag steht in der Gemeinwohl-Bilanz. Diese ergänzt die gesetzlich vorgeschriebene finanzielle Berichterstattung wirtschaftlicher Akteure. Ein Akteur trägt zum Gemeinwohl bei, wenn er dieselben Werte gegenüber seinen Berührungsgruppen lebt, die auch zwischenmenschliche Beziehungen gelingen

lassen. Diese Werte sind: Menschenwürde, Solidarität, ökologische Nachhaltigkeit, soziale Gerechtigkeit und demokratische Mitbestimmung und Transparenz. Berührungsgruppen sind alle Personen und die Umwelt mit denen ein Akteur in Berührung steht.

Ziele

- > Beitrag zum Gemeinwohl bewerten: Die Gemeinde will mit dem Projekt „Mertzig4all“ ihren Beitrag zum Gemeinwohl veranschaulichen und bewerten. In einem Bericht wird der Beitrag zum Gemeinwohl beschrieben. Er wird veröffentlicht und somit ist für alle Berührungsgruppen nachvollziehbar, wie und was die Gemeinde Mertzig zum Gemeinwohl beiträgt.
- > Erste Gemeinwohloökonomie-Gemeinde in Luxemburg: Ein Audit der Bewertung erhöht dessen Glaubwürdigkeit und endet in der Zertifizierung als erste Gemeinwohloökonomie-Gemeinde Luxemburgs. Damit ist die Basis für die kontinuierliche Verbesserung und Fortschrittsmessung gelegt.
- > Zusammenhalt in der Gemeinde stärken: Durch einen partizipativen Bewertungsprozess, zu dem alle Bürger eingeladen werden, wird der Zusammenhalt in der Gemeinde gestärkt.
- > Ideen für Weiterentwicklung der Gemeinde: es wird der Ist-Zustand bewertet, jedoch werden sicherlich auch Verbesserungsideen aufkommen, die separat gesammelt werden.
- > Netzwerk und Identität: als Pionier fördert die Gemeinde Mertzig den Aufbau eines Gemeinwohl-Netzwerks in Luxemburg in dem mit Gemeinwohl-Unternehmen kooperiert werden kann. Außerdem stiftet die Gemeinwohloökonomie als eine Art Label Identität, zudem die Gemeinde in Luxemburg eine Führungsrolle übernimmt.

Innovation

Aus Sicht der Gemeinwohloökonomie ist die Gemeinde Mertzig Pionier in Luxemburg und begeben sich somit auf eine Expeditionsreise in ein unerforschtes Gebiet (Luxemburger Kontext). Außerdem wurde noch keine Gemeinde durch einen Bürgerbeteiligungsprozess bewertet.

Aus Sicht des Klimapakts ist das Vorhaben ein Leuchtturmprojekt mit Vorbildwirkung.

KICHEN & MIWWEL OP MOOSS

TRENDY, BEZUELBAR, INDIVIDUELL



**Festival
Konditionen**

nach bis den

15. Abrëll

**Showroom mat ville
Coups de Coeur**



REDANGE INTÉRIEUR


CUISINES ÉQUIPÉES - MOBILIER SUR MESURE

Intérieur Redange Z.A. Solupla Redange/Attert T 28 79 72 99 info@redange-interieur.lu

Öffnungszeiten vun Dënschdes bis Freides: 9h30-17h00 a Samschdes den 6. & 27. Abrëll, 11. & 25. Mee, 15. & 29. Juni

www.redange-interieur.lu

SIEMENS AEG BOSCH BORETTI MIELE KÜPPERSBUSCH SMEG TEKA BORA BEKO LACANCHE



MÉI WÉI E STAARKE MESSAGE: 1.000.000 BEKI AN ËMLAF BRUECHT!

De Beki-Veräin De Kär ass iwwerglécklech! Wien hätt dat geduecht... Am Januar 2013 waren déi éischt Beki-Schäiner am Réidener Kanton an Ëmlaf komm. 6 Joer méi spéid, fir genee ze sinn am Dezember 2018, hu mer festgestallt, dat den 1.000.000ste Beki an Ëmlaf koum! D'Notzerinnen an d'Notzer vum Beki hunn also insgesamt eng Millioun Euro a Beki gewiesselt, an dat ass...

eng Millioun als Bäitrag zu engem méi gerechte Wirtschaftssystem,

eng Millioun fir de lokale Commerce ze ënnerstëtzen,

eng Millioun fir Aarbechtsplazen an der Region ze halen,

eng Millioun fir den Zesammenhalt am Réidener Kanton,

eng Millioun fir kuerz Transportweeër a géint de Klimawandel!

D'Kiischt um Kuch: Well 1 Beki am Duerchschnitt 6 mol dréint iert en an Euro zeréck gewiesselt gëtt, bedeit dat, dass Kafkraaft am Wäert vun zirka 6 Milliounen Beki fir d'Region geschafen an u si gebonne goufen!

1 Millioun Beki am Ëmlaf bedeit och, dat mir 30.000 € Donen hunn. Mir erënneren: wien 100 € a Beki tauscht, kritt der jo 103! Oder ët hëllt een der just 100, an ët spent een seng 3% fir gutt Zwecker!

Léif Lieserinnen a Lieser,

Ech wees net wéi et Iech geet, mä ech si paff!

Am Numm vum Veräin De Kär, deen hannert dem Beki steet, soen ech alle Bedeelegten un dësem Succès, dem Réidener Kanton a senge Gemengen, eise regionale Bankagencen, eise Betriber a Veräiner, de Bierger vum Réidener Kanton ganz häerzlech

Merci!


Dat waren net mir, dat waard Dir!

Viru kuerzem hunn zéchtausend jonk Leit fir méi ee staarkt Engagement am Klimaschutz demonstréiert. Ech si frou eiser Jugend matdeelen ze kënnen: Mam Beki engagéiere mir eis Dag fir Dag dofir, andeems mir dee regionalen am plaz globale Wirtschaftsaustausch fërderen. Dës Millioun Beki ass net nëmmen ee staarke Message vun all de Beki-NotzerInnen fir een anert, méi nohaltegt, kooperativt a gerecht Wirtschaften, si ass och eng konkret Measure fir dëst ze erreechen. A si weist, an dat ass mäi Message un Iech, dass et funktionéiere kann an dass et sech lount sech anzesetzen! Dës Millioun Beki ass aus immens ville klengen Einzelbeträg zesummekomm. Een aldeeglechen Asaz vu villen Einzelkämpfer an zesammen eng kleng Revolutioun. Maacht och Dir mat!

Marc Neu, President

Ee klengen Impuls - eng grouss Wierkung!

Comparaison masse Bekis en circulation - Bekis mis en circulation



De Kär a.s.b.l.
103, Huewelerstrooss
L-8521 Beckerich
T 23 62 21 847
T 691 888 295
info@beki.lu
www.beki.lu



De S.I. Réidener Kanton
ënnerstëtzt de Beki.

**CLEVER
FUEREN**
*Sue
spueren*

**À PARTIR DU
01/01/2019**

**NOUVELLE PRIME
POUR CYCLES NEUFS**

JUSQU'À 300 €

POUR TOUT NOUVEAU VÉLO / PEDELEC25

Plus d'informations et autres conditions sur
www.clever-fueren.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

26.5.19 zu Biekerech

Mam Vélo am

Jhangeli West Tour

11 km

licht
146 m rop/rof
ab 7 Joer

Dällchen West Tour D.W.T.

36,5 km

mëttelschwéier
506 m rop/rof
ab 12 Joer

**RDV mat ärem Vélo den
26.5.19 bei der Sportshal
zu Biekerech**

9h45 offiziell Aweigung vun den 3 Tier
mam Tourismusminister
Lex Delles

